

| Canicule zu Lëtzebuerg

Wat sinn déi lescht Consignen a wéi gesäit d'Situatioun an eise Spideeler aus?

Claudia Kollwelter, Lynn Cruchten | Update: 01.07.2025 18:08

D'Canicule an déi héich Temperaturen hunn en Impakt op eis Gesondheet a kënnen schlëmm Konsequenzen hunn wann mer eis net uerdentlech virdru schützen.

Allgemeng Consignen

Et huet een et iwwert déi lescht Deeg ëmmer erëm widderholl héieren an awer nach eemol de Rappel, datt ee virun allem vill drénken soll. Dr Anne Vergison, vun der Inspection sanitaire:

"Et muss ee sech virun allem tëscht dem Nomëtteg am Owend virun der Sonn schützen an am beschten a kale Raim sinn a sech och virun den direkten Sonnestralen schützen."

Wann d'Temperaturen da bis bësse falen, soll een doheem uerdentlech lëften:

"Tëscht 2 an 5-6 Auer Moies an da géint 8 Auer soll een erëm alles zoumaachen, fir ze versichen de maximum vu "Keelt" am Haus ze halen. Wann ee Rolllueden huet, soll ee déi erofmaachen, Rideauen sollen zougemaach ginn."

Vill Leit hu sech dann och elo kuerzfristeg decidéiert, eng Klimaanlag oder e Ventilator kafen ze goen, wat sech an engem grouse Baumaart och dättelech gewisen huet:

"Mir hu Paletten a Paletten vu Klimaanlagen verkaf a mer haten och verschidde Modeller vu Ventilatoren, déi mer och all verkaf hunn."

Situatioun an de Spideeler

Och am Escher Spidol muss een op Ventilatoren zréck gräifen well d'Gebai net klimatiséiert ass. Den medezineschen Direkter Dokter Romain Schockmel:

D'Distributioun vun de Ventilatoren mécht sech systematesch tëscht de Patienten. Verschidde Departementer a Stäck sinn op der Südsäit an dofir och méi betraff wéi eng Nordsäit.

Den Dr Patrick Nrecaj Chef vun den Urgencen mierkt bis ewell net forcement eng Hausse vun de Patienten:

Mir hunn vill Kranker wéi ëmmer, mee se sinn méi krank wéi soss. Virun allem fragil Leit, wéi eeler Leit déi de Gros vun eise Patienten ausmaachen an einfach méi sensibel op d'Hëtzt sinn an d'Deshydratatioun. Dofir kommen där e gutt Stéck méi, och aus den Alter- a Fleegeheemer.

Dr Anne Vergison, vun der Inspection sanitaire seet datt bei de Jonken dacks de Sonnebrand de grouse Problem ass:

Bei den eeleren ass et éischer datt se ze vill Waasser verléieren wat och duerch verschidde Medikamenter verstärkt gëtt an dann zu Desyhydratiounen an uschléissend zu enger Hospitalisatioun ka féieren.

Dofir ass et dann och nach d'Consigne bei eeleren Leit, genee wéi bei Kanner drop opzepassen datt se wierklech genuch drénken well se dat net forcement vum selwen maachen.